# D’Astellung vun den Erzéierinnen an Erzéier

D’Kand orientéiert sech un den Erwuessenen. Duerfir ass et wichteg, datt d’Erzéierinnen an Erzéier e Virbild sinn.

D’Grondastellung vis-à-vis vum Kand spillt eng wesentlech Roll. Zu enger positiver Haltung vun den Erzéierinnen an Erzéier gehéiert, datt si:

- sech fir d’Kand interesséieren an him Vertrauen entgéint bréngen;
- dem Kand seng Bedierfnisser, Suergen an Ängschten eescht huelen;
- d’Verschiddenheet vun all Kand respektéieren an déi als Beräicherung ugesinn;
- d’Stäerkte vum Kand an de Virdergrond stellen;
- d’Kand encouragéieren Neies auszeprobéieren a mat alle Sënner ze entdecken;
- d’Kand encouragéieren mat anere Kanner a Kontakt ze trieden a mat hinnen eppes zesummen ze maachen;
- dem Kand nolauschteren a seng Iddien a Virschléi respektéieren;
- d’Matschwätzen a Matmaache vum Kand férderen;

Eng positiv Haltung ass gepräägt duerch Empathie a Sensibilitéit. Nëmme wann d’Kand sech wuel a sécher fillt ass et oppe fir seng Ëmwelt a bereet Neies ze entdecken an ze léieren.